ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An engem RTL-Radio Interview vum 13. September 2021 huet d'Madamm Justizminister Sam Tanson gesot, datt "vu 550 Detenuen (...) ¼ wéinst Drogendelikter [géifen] asetzen".

An deem Zesummenhang hätt ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch:

1. Kann d'Madamm Minister präziséieren, wéinst wéi enge weideren Delikter (opgeschlësselt no Drogendelikter, Sexualdelikter, Gewaltdelikter, Delikter, déi mat finanziellem an/oder steierlechem Bedruch ze dinn hunn etc.) all dës Prisonéier - an opgeschlësselt no der Unzuel vun de Prisonéier - hir Strof mussen ofsëtzen?
2. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°3885) hat d'Madamm Minister geäntwert, datt ronn 50 Prozent vun de Prisonéier ni zu Lëtzebuerg gewunnt hunn an datt vun de 50 Prozent vun de Prisonéier, déi zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, ronn d'Hallschent Lëtzebuerger Staatsbierger sinn. An deem Kontext wollt ech froen ob et eventuell Zesummenhäng ginn tëscht der Nationalitéit an den verschiddenen Kategorien vun Delikter, wéinst deenen dës Prisonéier asëtzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten